



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI  
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Prozentual gesinn, schwätzen zu Lëtzebuerg ëmmer manner Awunner Lëtzebuergesch. Dëse Fakt léisst sech och gutt unhand vun de Statistiken aus der Grondschoul feststellen, wou d'Zuel vun de Lëtzebuenger Mammesproochler, respektiv vun deene Schüler, déi als éischt Sprooch doheem Lëtzebuergesch schwätzen, drastesch erofgeet. Louch hiren Undeel nach bei bal 60% am Joer 2003, esou war en am Joer 2019 nëmmen nach bei 34%.

An deem Kontext wollt ech eng Rei Froe stellen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister eis déi entspreichend Statistike vun alle Joren, och vu virun 2003, presentéieren, sou wäit zeréck, wéi et dës Statistike gëtt?
2. Wéi héich (respektiv wéi niddreg) ass den Undeel vu Grondschoulkanner, déi doheem als éischt Sprooch Lëtzebuergesch schwätzen, fir d'Schouljoren 2020-2021 an 2021-2022?
3. Ginn et och Statistiken zur éischer Sprooch, déi all d'Schüler am Grondschoulalter ëmfaassen, dat heescht och déi, déi net am reguläre Lëtzebuenger Schoulsystem sinn? Wéi vill Kanner, déi zu Lëtzebuerg wunnen an am Grondschoulalter sinn, sinn dës Schouljoer net am reguläre Schoulsystem? Wéi héich ass hiren Undeel?
4. Wéi gesäit den Här Minister d'Entwécklung vum Undeel vu Kanner, déi doheem als éischt Sprooch Lëtzebuergesch schwätzen, an den nächste Joren evoluéieren?
5. Wann d'Zuelen esou weider erofginn, da schwätzen an e puer Joer nëmmen nach 15% vun de Kanner doheem Lëtzebuergesch. Wéi kéint een dem Här Minister senger Meenung no dëse Réckgang vum Lëtzebuergesch als doheem geschwate Sprooch ophalen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup,  
Deputéierten